N°4400
Entrée le 07.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 6. Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung weiderzeleeden.

An der Lescht ass et oft zu Irritatioune komm beim Ausrechne respektiv dem Ausbezuele vun den individuellen Hëllefen am Beräich vum Logement. Oft ginn et do Delaie vu bis zu néng Méint.

An deem Zesummenhang wéilt ech dës Froe stellen:

- Wéi gedenkt den Här Minister des Delaien ze reduzéieren, wuelwëssend dass vill Leit kuerzfristeg vun dësen Hëllefen ofhänken an des Hëllefe séier brauchen?
- Wéi genau sinn d'Bestëmmunge vun deenen eenzelnen Hëllefen am Fall wou den Demandeur net wärend engem ganze Joer e Revenu konnt virweisen? Ginn et do Ënnerscheeder bei deene verschiddenen Hëllefen? Wat sinn d'Grënn fir déi ënnerschiddlech Appreciatiounen?
- Laut dem Internetsite "logement.lu" gëtt bei der Zenssubventionéierung de Revenu op ee ganzt Joer extrapoléiert, wann een net iwwert e ganzt Joer remuneréiert ginn ass. Kann den Här Minister confirméieren, dass bei der "prime d'accession à la propriété" d'Moyenne vum Nettoakommes vun deenen zwee Joer virum Acte gekuckt gëtt? Ass dëst am Aklang mat de gesetzleche Bestëmmungen?
- Gedenkt den Här Minister eventuell hei méi Kloerheet an Eenheetlechkeet eranzebréngen an des Extrapolatioun ofzeschafen?
- Ginn d'Léit, déi esou eng "prime d'accession à la propriété" vum Wunnengsbauministère kréien, op eventuell zousätzlech Hëllefe vun de Gemengen higewisen? Wann net, wier et net opportun dëst mam Schecke vum Zertifikat ze maachen?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

#ZESUMMEN
Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu